



Dépôt: GOERGEN Marc

Projet de loi 8087

Lëtzebuerg, den 08/12/2022



Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- datt et eng Fro vun Dignitéit fir déi Betraffen ass eng eegen Toilette am Zëmmer ze hunn;
- datt laut Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°4733, et Stand Juli 2021 271 Logementer a 7 verschiddenen Alters- a Fleegeheemer gëtt, déi keng eegen Toilette hunn;
- datt sech dës Zëmmeren ënnert anerem am Foyer St. Elisabeth, am CIPA "Am Park", am CIPA "Um Lauterbann" an am CIPA "Roude Fiels" befannen;
- datt d'Covid-19 Pandemie op erschreckend Aart a Weis gewisen huet, wéi eng Konsequenze gemeinsam Sanitäranlagen an engem Alters- oder Fleegeheem kënnen hunn.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. all Alters- a Fleegeheem ze verpflichten, Zëmmeren déi bis elo ouni Toiletten offréiert ginn, bis spëtstens den 8.12.2024 ëm eng Toilette z'erweideren.

Marc Goergen



www.piraten.lu